N°846
Entrée le 03.07.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

**Äntwert vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel Xavier BETTEL a vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten Yuriko BACKES op d'parlamentaresch Fro n°846, vum 4. Juni 2024 vum honorabelen Deputéierte Sven CLEMENT**

**Ad 1)**

Bis elo koum nach keng Äntwert vum italieeneschen Transportminister. Déi italieenesch Autoritéiten hunn awer a Reuniounen iwwert den EUCARIS-System erkläert, datt si sech dem Problem bewosst sinn a scho Moossnamen ergraff hu fir d'Ursaach dovunner erauszefannen. Verschidden italieenesch Acteuren hunn een externe System benotzt, fir Ufroen un EUCARIS ze automatiséieren. Ee Service-Provider vun dësem System hätt déi italieenesch Zougrëffsrechter mëssbraucht an esou wieren déi Daten un Drëtter kommunizéiert ginn. Déi italieenesch Autoritéiten hunn allerdéngs verséchert, all néideg Moossnamen ergraff ze hunn, fir deem en Enn ze setzen a féiere weiderhin intern Enquêtë.

Wärend der EUCARIS-Generalversammlung, déi Enn Mee stattfonnt huet, goufen zudeem Richtlinnen agefouert déi all Land adoptéiere muss, wann esou een data breach festgestallt gëtt.

**Ad 2)**

Déi meescht EU-Memberstaaten, déi zu London vun hiren Ambassadë representéiert ginn, deelen d'Usiicht dass d'Staugebühr eng Taxe ass. Als solch, sinn Ambassaden an diplomatescht Personal laut der Wiener Konventioun iwwert diplomatesch Relatiounen, dovunner exemptéiert. Et ass och nach keen Argument ervirbruecht ginn, wat dës Staate géing dozou bréngen, hier legal Positioun änneren ze mussen.

D'Regierung gouf net vun Transport of London kontaktéiert a krut deemno och keng Informatiounen, wéi de genannte Montant gerechent ginn ass.

**Ad 3)**

D'Regierung huet keng Informatioune wéi vill Persoune mat engem zu Lëtzebuerg ugemellte Gefier betraff sinn. Well et sech awer warscheinlech ëm een onerlaabten Zougrëff op hier perséinlech Donnéeën handelt, kënnen déi concernéiert Persounen eng Reklamatioun bei der CNPD maachen.

Lëtzebuerg, den 3. Juli 2024

De Minister fir auswäerteg

Ugeleeënheeten an Aussenhandel

(s.) Xavier Bettel